



hunn a vum SCRIPT. Dat ass geschitt duerch den IFEN. Also ass dee Grond ewechgefall.

Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Delles fir dee Rapport, deen en eis gemaach huet.

Et ass fir eis ganz interessant, fir ze gesinn, wéi de bürokratesche Waasserkapp beim Stat wiisst, während mer deeselwechten Dag e Gesetz hei haten iwwert d'Simplification administrative. Et wär eng fantastesch Simplification administrative gewiescht, wa mer dee SCRIPT zesummegeschumpft hätten. Dat wär jo logesch gewiescht! En hat dräi Missiounen kritt, wéi mer e geschafen hunn, dovunner eng d'Weiderbildung vum Léierpersonal. Déi ass fortgaangen un den IFEN. Also hätte mer eis kënnen erwaarden, datt de SCRIPT elo méi kleng gëtt. Neen, elo gëtt et op sechs Divisiounen ausgebaut! De Contraire vun enger rationaler Approche vun enger staatlecher Organisatioun, de Contraire vun enger Simplification administrative!

All déi Saache kéint een am Detail diskutéieren. A fënnf Minutte kann ech dat net maachen. Mä wann am Regierungsprogramm steet, de SCRIPT sollt do mat den Institutions oder d'Schoule sollt mat den Institutions culturelles zesummeschaffen, ass dat jo schéin, mä et steet net do, a wéi engem Sënn: Multikulti oder Integratioun? Et gëtt net gesot.

Wann do steet an Ären Ausféierungen, et soll elo iwwer Digitaliséierung geschwat ginn, an eis Kolleejin vun der LSAP seet hei: „Et ass jo fein, et gëtt op véier verschidde Sproochen gemaach“, da muss ee sech jo awer froen: Ass dann do nach Lëtzebuerger Integratiounsprooch an der Schoul? Ass et gutt, datt mer verschidde Saachen iwwer Digitaliséierung maachen oder gi mer op de Wee, wéi verschidde Leit, wéi den däitsche Pädagog Manfred Spitzer seet, vun enger „digitaler Demenz“, wou d'Kand keng Konzentratiounsphase méi léiert an ëmmer manner Lektür ka maachen? Wat ass dat fir eng Digitaliséierung? Wéi eng Konsequenzen huet dat? Mir diskutéieren et net. Et ass awer vun zentraler Wichtigkeet!

Wa gutt Projete gemaach ginn, an et gëtt gutt Projeten, déi gemaach ginn, sief et an der Drogepreventioun, sief et am Antimobbing, „Stop Mobbing“ an esou weider, da feelt et dacks un der Ënnerstëtzung fir Enseignant an deene Schoulen, wou dat gemaach gëtt. Och dat ass net gutt!

Et ass jo och net normal, datt mer elo an där Struktur, an där neier Divisiounsopdeeling vum SCRIPT gläich zwou Divisiounen hunn, déi sech sollt mat Qualitéitssicherung befaassen, wann all Mënsch am Land weess - Dir wësst et a mir wëssen et, Dir gitt et vläicht net zou, awer Dir wësst et och! -, datt d'Qualitéit vun de Schoulen iwwert d'Joren ëmmer nëmmen ofgehall huet, datt d'Leit ëmmer manner wë-

sen! An et ass dofir, wou d'ADR ëmmer erëm konsequent seet: „Mir mussen zrëck zu engem Leeschtungsprinzip, mir mussen zrëck zu engem Bildungsprinzip, mir mussen zrëck zu engem Wëssensprinzip an de Schoulen am Interessi vun de Kanner, an dem Interessi vun hirer Zukunft an am Interessi vun der Zukunft vun eisem Land.“

Dëst Gesetz setzt e Gewerkschaftsaccord ëm. Mir maachen 20 A1-Funktiounen, méi oder manner, fir 20 A2-Funktiounen ze ersetzen. Mir schafen déi IDSen, déi Instituteurs spécialisés en développement scolaire, déi eigentlech eng Aufgab hunn, déi „accompagner“ «équipes pédagogiques dans la mise en œuvre du plan de développement de l'établissement scolaire». Dofir brauch ee keng 20 Universitären, fir esou Aufgaben ze maachen, fir eppes, wou d'Schoulpersonal schonn dru schafft! Da soll deen Inspekter dodru schaffen oder deen Instituteur spécialisé, dann en Inspekter, eventuell nach de Gemengerot. Dat ass e bürokratesche Waasserkapp fir eppes, wat wierklech an där Form guer net néideg ass!

D'Chambre des Fonctionnaires selwer huet an hirem Avis gewarnt virun enger «prolifération induite des postes risquant à mener à une structure bureaucratique démesurée». De Contraire vun deem, wat, wéi gesot, de Stat soll maachen: e schlanke Stat, en einfache Stat. A mir kreéieren hei Waasserkäpp, déi eng Aarbecht maachen, déi an deem Sënn, op jidde Fall an där doter Form, net gebraucht gëtt!

Mir hunn einfach riseg Problemer an der Schoul. Mir hu riseg Problemer an der Primärschoul. Et ass net doduerch, datt mer kënschtlech Metasprooch entwéckelen, kënschtlech Strukturen entwéckelen, Beruffer schafen, déi nëmme Saache solle begleeden, déi elo d'Problemer net behiewen... (veuillez lire: dass mer d'Problemer léisen.) Dat ass dee falsche Wee.

Mir mussen zrëckkommen op eng Schoulpolitik, déi wierklech eppes wëllt: Dat ass, eis Kanner forméiere fir hir Zukunft. A leider, leider si mer an deene leschte Joren ëmmer méi wäit dovun ewechkomm. D'ADR wäert Hiert maachen, fir déi Entwécklung ëmzedréien!

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Erziehungsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech uschlëssen un all déi Riedner, och mech beim Rapporteur, dem Lex Delles, bedanken, datt en eis an déi Matière hei agefouert huet, schréftlech wéi och mëndlech.

Et sinn eng Rei vu Froen gestallt ginn. Ech wëll vläicht ganz kuerz nach dorobber reagéieren.

De SCRIPT huet jo och d'Aufgab, d'Innovatioun an d'Schoul ze bréngen, mat der Schoul zesummen ze entwéckelen. Hei leeë mer ganz besonnesch och vill Wäert, an dat ass eng vun den Neierungen, op d'Schoulentwécklung, datt se begleet soll ginn, och vum SCRIPT, fir datt mer déi Struktur, déi wierklech fir d'Innovatioun an eise Schoulen zoustänneg ass, och ganz no rattachéiere mat de Schoulen, wann et drëms geet, d'Schoulentwécklungspläng op-

zustellen, fir datt ee sech eben op déi innovatiivst Methoden an Erkenntnisser och ka bezéien an eigentlech direkten Accès och huet zu dem ganzen Erfahrungsschatz, Erkenntnischatz vum SCRIPT a vun all deene Leit, déi do täteg sinn.

Fir dat ze assuréieren, hu mer eben optéiert, fir deen Institueur spécialisé en développement scolaire un de SCRIPT ze rattachéieren. Dee wäert virun allem seng Aarbecht an de Schoulen hunn, bei de Schoulen hunn, mat de Schoulen hunn. A wou säi Büro ass, ass eigentlech domadder zweetrangeeg. E muss mat den Enseignant an de Schoule kucken, datt d'Schoulentwécklung definéiert gëtt, datt se ëmgosat gëtt. Et ass gesot ginn: E schafft och nach mat deenen eenzelnen Enseignant, fir do eng Begleedung kënnen ze maachen, an déi fënnit nun eben emol do statt, wou Schoul stattfënnit.

Wichtig ass och, datt mer eng Vernetzung kréie mam SCRIPT, awer och mat anere Strukturen, zum Beispill mat engem LUCET, zum Beispill och mat eisem Ministère, wou mer och nach emol eng ganz Rei vu Statistiken opbereeden, Donnéeë beieneefeieren, an datt jiddwereen Zougang dorobber huet, dee se brauch, deen aus deenen Donnéeë soll eng zousätzlech Erkenntnis kënn schépfen, fir eben och seng Reflexiounen ze maachen, sief et iwwer seng eege Schoul, sief et awer och op engem aneren Niveau, iwwert de ganze Bildungssystem.

Et ass gefrot ginn, firwat mer de Bildungsbericht wëilten an Zukunft all dräi Joer maachen. Beim leschten hunn ech festgestallt, datt eng Rei vun Erkenntnisser, eng Rei vun Texter, vun Artikelen, déi mer do gelies hunn, awer schonn e gewëssenen Alter haten, schonn e puer Joer zrëcklouchen. An ech weess jo awer och an ech mengen, mir wëssen et allegueren heibannen, wéi schnell sech eis Gesellschaft momentan entwéckelt, wéi schnell och eis Schoul muss probéieren, do hannendrunzekommen, a wéi schnell och do eng Rei vun Donnéeë vläicht net méi ganz up to date sinn.

Duerfir, wann de Bildungsbericht soll wierklech en Input ginn an eng gesellschaftlech Debatt iwwer eise Bildungssystem, dann, denken ech, musse mer en och a méi getaktem Ofstand kënnen erausbréngen.

Zum Här Kartheiser: Do ass et, wéi et mer hei schonn heiansdo virkomm ass, datt ech awer net alles dat doten nach eemol wëll kommentéieren. Ech hu just gezielt gehat, datt sechsmol an deene fënnf Minutten dat Wuert „zrëck“ hei genannt ginn ass. Dat seet genuch!

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer prett, fir iwwert den Ensemble vum Projet de loi 7077 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7077 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

34-mol Jo, 3-mol Neen, 18 Abstentiounen; domat ass de Projet méiheetlech ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7077 est adopté par 34 voix pour, 3 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Félix Eischen), Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet (par Mme Françoise Hetto-Gaasch).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

6. 6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales (suite)

Jo, just nach eng Prezisioun, ier mer d'Sëtzung ofschlëssen: Am Projet iwwert d'Immigratioun, bei den Antrëg vun der ADR a vun de Lénke ware mer kloer an der Prozedur vum Vote séparé. Dat ass jo esou? An déi mat Jo gestëmmt hunn, ware fir d'Sträiche vun deene jeeweilegen Artikelen. An déi mat Nee gestëmmt hunn, ware fir de Maintien vum Projet - just fir alles ganz kloer ze maachen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann ass d'Sëtzung eriwwer a mir gesinn eis muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 19.29 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

